



Wat mir haut hei maache sollen, ass eng Rei vun Detailbestëmmungen ofgeseenen, déi am Uschloss un „Basel 2“ an zwou Direktiven 2009 festgehalen goufen an déi sech an éischter Hisiicht mat de Kompetenze vun der CSSF befaassen. Do geet et ënner anerem ëm déi intern Organisation - dat nennt een hautdësdays „governance“ oder „gouvernance“ - vun eiser Finanzopsiicht, ëm hir Kompetenzen, wann et zu enger Bankekris sollt kommen - dat soll et jo alt emol ginn -, an och ëm hir Aufgaben am Kader vun der sougenannter „konsolidéierender Iwwerwaachung“; dat heescht, wann hir Kontrollfonctioun duerch déi international Ramificatioun vun de Finanzinstituter grenziwwerschreidend muss ginn.

Fir dee Fall sinn zum Beispill Kollegië virgesinn, an deene sech d’Kontrolleren aus all deene Länner zesummeffannen, wou déi betreffend Bank Néierloosungen huet. De Virsëtz an esou engem Kollegium huet natierlech ëmmer de Verrieder vun deem Land, wou sech den Haaptquartier vum Bankemulti befënnt.

Wat déi Surveillance consolidante ënner Ëmstänn bewierke kann, huet sech jo kierzlech bei eis gewisen, wéi d’Reprise vun enger grousser Lëtzebuurger Bank duerch en indeschen Investisseur notament dorunner gescheitert ass, datt déi eng oder aner implizéiert Kontrollinstanz am Ausland en Hoer an der Zopp fonnt hat.

Doriwwer eraus ginn an deem Ëmsetzungsgesetz, dat eigentlech schonn d’lescht Joer hätt misse gestëmmt ginn, eng Hällewull vun aneren Detailkompetenze festgehalen, mat deenen d’CSSF vum Législateur ausgestatt gëtt, fir datt si hiren „Basel 2“-Verpflichtungen nokomme kann.

Esou gesäit dëst Gesetz ënner anerem vir, datt och déi mëttelgrouss Entreprene hir Konte publizéieren a konsolidéiere mussen, well déi qualitativ Approche vun „Basel 2“ natierlech op méiglechst grouss Transparenz ugewisen ass.

Si gesäit och vir, datt och d’Ratingagencen, op déi jo an der Finanzkris nawell gehéierlech geklappt ginn ass, an den Zoustännegkeetsberäich vun enger Finanzopsiicht falen;

datt d’CSSF an d’Bild gesat muss ginn, wann d’Domiciliatioun vun enger Gesellschaft geännert oder opgehewe gëtt;

datt d’Bankgeheimnis och fir all aner Finanzacturen ze gëllen huet, net nëmme fir d’Banken, a souguer d’Liquidateure mat aschleiss, an datt et och - datselwecht Bankgeheimnis - net an der Zäit limitéiert ass;

a schliesslech, datt d’Garantie vun de Bank- an Investment-Dépôte soll an Zukunft nach méi séier spillen an den Délai fir d’Entscheidung vun de Clientë vun elo dräi Méint op 30 Schaffdeeg erfogusat soll ginn.

Klammer do op: Dat werft allerdéngs d’Fro op, wéi wäit mer si mat där „Garantie des dépôts nouvelle formule“, déi jo schonn eng gewëssen Zäit iwwerfällg ass, mä fir déi eis nach ëmmer d’Direktiv feelt.

All déi Dispositiounen stellen näischt Weltbewegendes duer, mä droen awer an hirem Zomm dach derzou bäi, datt d’Applikatioun vun den „Basel 2“-Regele mat där gebuedener Prezisioun geschitt, wat jo och fir d’Usins vun enger internationaler Finanzplaz wéi eiser vun enger gewëssener Bedeutung ass.

Natierlech ass een dann e bësse verwonnert, wa bei esou engem wichtege, awer ëmmer nach engem Detailgesetz eise Statsrot ganz déif a säin Housekersak gräift a gläich mat véier vu senge redoutablen Oppositionen formelles dréit. Mä wien e bëssen am Bild ass, dee versteet direkt, ëm wat et hei geet, a sief et och nëmme, well et net fir d’Éischt ass, datt de Statsrot aus dem Suedel geet, wann et sech ëm d’Kompetenze vun der Kontrollinstanz oder vun de Kontrollinstanzen allgemeng a ganz besonnesch ëm déi vun der CSSF handelt.

De Statsrot kuckt nun eben déi Aariichtungen, déi mir aus dem angelsächsesche Rechtswiesen iwwerholl hunn, duerch säi latäinesche Rechtsbrëll an huet dann alt esou seng Problemer mat deem Kompetenztransfer vun den traditionellen Instanzen, also vum Législateur an der Justiz, op déi nei Iwwerwaachungsorganer.

Dës Kéier hat de Statsrot eppes un deenen a sengen Aen exorbitantë Pouvoir vun der CSSF auszusetzen, wann et drëm geet, de Seuil vun den Eegemëttel a bestëmmtene Situatiounen eropzeschrauwen, also de Ratio am Fong eropzeschrauwen, fir spezifesch Ëmstänn Rechnung ze droen.

Dann hat hien och eppes dergéint, datt d’CSSF hir Kompetenzen an deem Gesetz gewëssermooos globaliséiert oder generaliséiert sollt kréien, amplaz datt si, wéi bis elo, an deenen eenzelnen technesche Gesetzer festgehalen an dann natierlech och do begrenzt ginn.

A schliesslech konnt de Statsrot sech och net mat de Befugnisser ufrënnen, déi d’Gesetz der CSSF wollt ginn, wann et ëm d’Afréiere vu Fonge geet.

Wann doropshin d’Regierung hir Kopie revidéiert an all déi Punkten ënnert den Dësch fale gelooss huet, bei deene si eng Opposition formelle gefaart huet oder risquéiert huet, dann ass dat awer net geschitt, well si dem Statsrot Recht géif ginn, mä eenzeg an eleng, well si évitéiere wollt, datt déi längst iwwerfällg Adoptioun vun deem Gesetz nach weider erausgeschubt gëtt.

D’CSSF an d’Regierung ginn dervun aus, datt souwiso ganz geschwënn e Gesetz fällg gëtt, dat generell d’Kompetenze vun der CSSF festhält, an datt bei där Geleeënheet dann all dat nogeholl ka ginn, wat elo huet missen aus dem Text erausgeholl ginn. Iwwregens, souguer op de Risque hin, datt déi zwou Direktiven, ëm déi et jo hei geet, nëmme onkomplett ëmgesat ginn an dofir eng Ruge vu Bréissel net ausgeschloss ass.

Et freet sech allerdéngs, ob, wa mer dann esou e Gesetz maachen, déi Kéier dann de Statsrot matspille wäert, oder ob et net besser wier, all deenen Iwwerwaachungsinstanzen - net nëmme der CSSF -, déi hir Originen an den angelsächsesche Self-control-Modellen hunn, eng zolidd gesetzlech Basis ze ginn, vläicht souguer an der Verfassung.

Mir haut hei sollen emol provisoresch dermat d’accord sinn, wat an deem Ëmsetzungsgesetz steet. Dat ass elo en éischte Schrëtt. D’CSV-Fraktioun huet kee Problem, fir dee matzegoen.

Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Et ass kee Riedner méi agedroen. D’Regierung huet och näischt méi do derbäizefügen, well de Rapporteur esou extensiv an detailléiert war. Domadder wär d’Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

#### **Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6165 ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen an 1 Enthaltung.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par Mme Nancy Arendt), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Basseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Xavier Bettel),*

*Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Henri Kox), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser (par M. Jean Colombero).*

*S’est abstenu: M. André Hoffmann.*

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

#### **(Négation)**

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### **(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Als nächste Punkt op eisem Ordre du jour hu mer de Projet de loi 6211 iwwert d’Loftverschmutzung. Hei ass d’Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger, Negri a Gira. D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d’Wuert.

### **10. 6211 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre la pollution de l’atmosphère**

#### **Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, dee virleiende Projet de loi reit sech an déi ganz laang Rei vu Gesetzer fir d’Protektioun vun eise Liewensressourcen an. Et geet hei am Spezielle géint d’Verschmutzung vun der Atmosphär.

Zum Ufank e puer Bemerkungen zum Gesetzesprojet selwer. Den 19. Oktober d’lescht Joer huet den delegéierten Nohaltegekeets- an Infrastrukturminister de Projet de loi an der Chamber déposéiert. Scho virdru waren de Statsrot, d’Chambre de Commerce an d’Chambre des Salariés ëm hir respektiv Avisé gefrot ginn.

Op verschidde Kritiken hin, notament am Avis vum Statsrot, huet dunn d’Regierung eng Rei vun Amendementer ausgeschafft, déi den 8. Mäerz vun deem Joer nach eemol vun der héijer Kierperschaft aviséiert goufen. No Analys vun deem Avis ass de Rapport an der Chamberskommissioun vum 23. Mäerz 2011 ugehall ginn.

Wat sinn dann elo d’Kärelementer vun dem Gesetzesprojet selwer? Ma fir d’Éischt ginn déi verschidden nei Notiounen an eis Gesetzgebung agefügt. Dës Notiounen hunn hiren Origine an enger europäescher Direktiv, 2008 Nummer 50 vum 21. Mee 2008, déi sech ganz speziell mat der Qualitéit vun der Loft an eise Gebaier an am Allgemengen an der Europäescher Unioun ofgëtt. Da schaaft si och nach e ganz legale Kader fir d’Subventionen am Kampf géint d’Loftverschmutzung.

De Projet de loi gëtt des Weidere Prezisiounen zu den Dispositiounen vun de Margen, wat Iwwerschreidunge vun de Limitéiwärter vun der Loftverschmutzung ubelaangt, an zu den Aktiounspläng, déi am Fall vu Loftverschmutzung ëmgesat mussen ginn.

An zu gudder Lescht gesäit den Text eng Derogatioun zum Budgetgesetz vir. Dëst ass néideg, fir dat néidegt Personal ze engagéieren, fir dës nei Aufgaben auszuféieren, an dëst esou, wéi dat d’Direktiv virgesäit.

Wéi schonn ugedeit, soll mat dem Gesetzesprojet méi wéi bis elo derfir gesuergt ginn, dass déi dräi Liewensressourcë Buedem, Waasser, Loft, mä och d’Vegetatioun virun de schiedlechen Auswierkunge geschützt ginn. Et muss op dëser Plaz ënnerstrach ginn, dass et bei deem Projet de loi eng gewëssen Drénglechkeet gëtt, well déi besoten Direktiv schonn allerspëtstens bis den 11. Juni am leschte Joer hätt missen an eist nationaalt Recht ëmgesat ginn.

Erlaabt mer, kuerz op d’Direktiv selwer anzegoen, déi sech an de Kader vum 6. Ëmweltaktiounsplang vun 2006 areit. Dës Direktiv abrogéiert an ersetzt eng ganz Rei vun alen Direktiven aus de leschte 14 Joer, déi sech all op déi schiedlech Substanzen an der Loft bezéien.

Dat heescht ganz einfach, duerch nei Erkenntnesser mussen mer permanent hei eis Gesetzer upassen. Vu dass dës Volet relativ technesch ass an ech elo mat ganz ville Fachbegrëffer misst hantéieren, loosse ech dat op der Säit an invitéieren all déi Interesséiert, dat am schrëftleche Rapport wéi och an der Direktiv selwer nozeliesen.

Allgemeng kann ee soen, dass déi europäesch Direktiv d’Zil huet, verschidden aktuell Dispositiounen ze rationaliséieren an ze vereinfachen. Dëst virun allem, wat d’Ufuerderungen an de Beräicher Kontroll a Kommunikatioun ugeet, an och bei der Marge de manœuvre, déi déi eenzel Memberlänner zougestane kréien.

Derniewent féiert d’Direktiv Normen a Stéchdatumer a fir d’Reduktiounen vun de sougenannte Particule-finen an eiser Loft. Dës Feinpartikelen - hei ass d’Formel: PM<sub>2,5</sub> - si Partikelen, déi en Duerchmiesser hu vun 2,5 Mikrometer a manner. Dës sinn extrem ëmweltschiedlech an och am geféierlechste fir eis Gesondheet. Dierf ech drun erënneren, dass mir bis elo eis mat de Feinpartikelen no der Formel PM<sub>10</sub> - Partikelen, déi en Duerchmiesser vun 10 Mikrometer hunn - beschäftigt hunn, an déi och gemooss si ginn.

Déi nei Feinpartikelen PM<sub>2,5</sub> kënnen eng natierlech Origine hunn duerch Buedemerosioun oder awer vum Mënsch geschaf sinn. An deem Fall stame se an de meeschte Fäll aus enger net kompletter Verbrennung vun de fossile Brennstoffen, wéi zum Beispill an der Sidérgie, an der Cimenterie, an der Dreckverbrennung oder aus dem Stroosseverkéier.

Déi europäesch Direktiv gesäit vir, dass d’Memberlänner hir Feinpartikelbelaaschtung am städtesche Raum vu 50%, well Mënschen do wunnen, ëm 20% bis d’Joer 2020 reduzéiere mussen, an dat par rapport zu de Chiffere vun 2010. Des Weidere muss an dësen Zonen d’Belaaschtung och bis 2015 ënner 20 Mikrogramm pro Kubikmeter falen. Um ganzen Territoire vun eise Land muss d’Plaffong vu 25 Mikrogramm op de Kubikmeter vu Feinpartikelen respektéiert ginn. Dës Plaffong ass eng Mussbestëmmung fir d’Joer 2015, also a véier Joer, an dat soll dann erreecht ginn.

Et ass awer och esou, dass d’Direktiv de Memberlänner eng gréisser Flexibilitéit gëtt, wat awer net heesche soll, dass déi bestehend Qualitätsnorme verännert oder souguer opgeweecht misste ginn. Och hei wëll ech op de schrëftleche Rapport verweisen. Et soll awer ënnerstrach ginn, dass dës gréisser Flexibilitéit just da méiglech ass, wann all Direktiven an engem Memberland an nationaalt Recht ëmgesat sinn an all déi néideg Mesuren am Kampf géint d’Loftverschmutzung geholl si ginn.

Dierf ech an deem Zesammenhang kuerz op déi rezent europäesch Etüd „Aphekom“ hiweisen. Während dräi Joer si 25 europäesch Stied op d’Loftbelaaschtung vu ronn 60 Wëssenschaftler ënnersicht ginn. D’Etüd, déi weider guer net kommentéiert ginn ass an der Press, huet erginn, dass déi statistesch Liewenserwaardung duerch déi Feinpartikelen - dat heescht, eng ongesond Belaaschtung vun eiser Loft - an der Stad Bukarest ëm 22 Méint méi kleng ass wéi an der Stad Stockholm. Stockholm huet vun allen europäesche Stied déi properste Loft, an dëst, muss ee soen, duerch de politesche Courage am Joer 2007, andeems se deemools e Péage agefouert hunn.

Och weist d’Etüd drop hin, dass Mënschen, déi laanscht eng Strooss mat 10.000 Autosmouvementer pro Dag liewen, tëschent 15% bis 30% méi heefeg mat Longen- a Bronchiekrankheete befall ginn.

Leider huet Lëtzebuerg net un där Etüd deelgeholl, awer wann ee gesäit, dass d’Liewenserwaardung an der Stad Bréissel ëm siwe Méint méi kleng ass wéi d’Stad Stockholm se huet, da kann ee sech e Bild ofzeechnen a molen, wéi et dann hei am





Land géif ausgesinn an der Stad Lëtzebuerg.

Dozou wëll ech déi rezent Resultater vun der Miessstationen hei am Land kuerz ervirhiewen. Wat d'Stéckoxider - NO<sub>x</sub> genannt - ubelaangt, sou gëtt d'Limite vun de 40 Mikrogramm pro Kubikmeter nëmmen hei an der Stad dépasséiert. An hei ass e Plang ausgeschafft ginn, fir Remedur ze schafen. Wat awer elo déi Particules fines PM<sub>10</sub> ubelaangt, esou weisen d'Miessunge keng Iwwerschreidungen iwwert der Limite vu 40 Mikrogramm pro Kubikmeter aus.

Awer fir den Ozon, wou d'Limite bei 180 Mikrogramm pro Kubikmeter läit, muss ee feststellen, dass dës a ville Fäll iwwerschritt ginn ass. An do seet dann de Ministère selwer, do leit d'Stad Veianen am meeschten drënner.

Et ass och virgesinn, dass d'EU-Kommission d'Direktiv am Joer 2013 nach eemol iwwerpréift, wat dann déi nei legislativ Propositione mat sech brénge kann, respektiv nei Dispositionen, wat d'Feinpartikelen ubelaangt. Si schwätzen elo scho vun de Feinpartikele PM<sub>1,5</sub>, dat heescht Partikele mat engem Duerchmesser vun 1,5 Mikrometer. Bei de Feinpartikelen huet dës Revisioun zum Zil, eng national Obligatioun, déi juristescht contrainant ass, anzeféieren, a fir d'Beleaschtung erfzesetzen, fir Mënsch an Ëmwelt méi ze schützen.

D'Europäesch Kommission behält sech awer och nach vir, eng méi ambitiéis Limite vun de Feinpartikelen anzeféieren - ech hu gesot gehat, 2,5 erf op 1,5 -, wat ee weidere Schrëtt wäert ginn. Mir müssen do also wahrscheinlech an deenen nächste Jore vill méi staark nach ons Betriber, onse Verkéier an d'A faassen. Zum Beispill Hausverbrennungsanlage müssen och wahrscheinlech do ënnert d'Lupp geholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, Dir gesitt, d'Direktiv huet eng ganz Rei vun ambitiësen Ziler. Fir dass dës Ziler awer net just um Pabeier bestinn, muss vill geschafft ginn, fir hei eng Realitéit ze gesinn. Et müssen Evaluatiounen vun der Loftqualitéit gemaach ginn a laangfristeg Pläng fir eng gutt Loftqualitéit ausgeschafft ginn. Am Spezielle mussen kuerzfristeg Mesurë gräifen, an déi gewonne Resultater müssen der Öffentlechkeet wéi och den internationalen Instanze matgedeelt ginn.

Et geet awer net ouni den Asaz vu jiddwer Eenzelnem. Ze mengen, den Noper soll et maachen, dat geet hei net duer! Och muss op eng ganz enk Kooperatioun mat den direkten Nopeschlänner gekuckt ginn, well och do ass jo dann eventuell eng Belaaschtung duerch ons Emissiounen.

Fir dës groussen an enorm wichtege Opwand ze bewältegen, kann ee sech virstellen, dass d'Équipe vun aktuell véier Leit am Ministère, oder am Service de qualité de l'air beim Ëmweltministère mat dräi neien Ingenieure besat muss ginn. Dat wäert eis eppes kaschten; mä ëmgedrëit, alles, wat mer kënnen op der Gesondheetssäit gewannen, sollte mer da vläicht an d'Leit stiechen, déi Mesurë kënnen maachen, an opweisen, wou d'Schwaachpunkten da leien.

Wéi gesot, et handelt sech hei ëm e Projet mat engem wichtege Beräich vun der Luftverschmutzung. An, vu dass mer grad an dëser Direktiv schoonn am Retard sinn - vun engem Joer schoonn -, géif ech lech bieden, dësen Text unzehuelen. Ech selwer bréngen den Accord vun der Fraktioun eran a soe wéi ëmmer Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Marcel Oberweis. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ech wëilt och dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht. Hien huet och virun allem déi technesch Aspekter oder Facetten hei beschriwwen. Et geet jo hei ëm d'Modifikatioun vun enger europäescher Direktiv. Dat sinn oft Texte, déi um Pabeier e bësselchen dréchen an abstrakt kléngen.

Den Objet ass hei d'Loftqualitéit bei där Direktiv. Am Viséier sinn dräi - wéi soll ech soen? - Facteuren, Substanzen, haapt-sächlech d'NO<sub>x</sub>en, NO<sub>2</sub>, dann de Feinstaub an och dat, wat een den Ozon nennt. An et geet jo hei drëms, wann déi - ech soen einfach déi Substanzen - ze héich Valeuren hunn an der Loft, an der Atmosphäre, dann ass dat ganz oft eng Gefor fir d'Mënschen a fir d'Déieren.

Mir kennen dat jo am beschten, besonnesch wa mer déi Perioden hunn, wou ze héijen Ozon ass, wou dann och all Mënsch dat relativ direkt a konkret erfieft a gesäit, dass ee kann zum Beispill Problemer hu mat den Otemweeër, wa mer esou Phasen hunn. Derniewent ginn et och Effeten op d'Ëmwelt méi generell, an dat ass jo och ganz oft am Kontext oder am Zusammenhang mat där ganzer Problematik vum Klimaschutz. Dat gëllt besonnesch fir d'NO<sub>x</sub>en.

Wat ech awer trotzdem, Här President, e bësschen am Rapport vermessen - ech hat dat och schoonn an der Kommissioun gesot -, dat ass, dass ee vläicht iwwert den Text vun der Direktiv eraus och sollt e bësschen oder kéint beschreiwen, wat dat da konkret hei zu Lëtzebuerg bedeit, esou eng Direktiv, respektiv wou och konkret d'Problemer sinn.

Well et ass jo esou, esou eng Direktiv hänkt jo net an engem loftleere Raum, besonnesch beim Luftschutz oder bei der Loftqualitéit. A mir kruten och e puer Donnéeën, déi mer nach nogeliwwert kritt hunn, dat si Statistiken, dat sinn eigentlech plakeg Zuelen. Wat steet eigentlech do derhannert? Wat bedeit dat konkret fir Lëtzebuerg? Dat géif mech awer interesséieren, wann eis de Minister kéint herno do déi eng oder déi aner Prezisioun nach ginn.

Zum Beispill: Et gi jo verschidde Plazen hei zu Lëtzebuerg, wou kritesch Plaze sinn - hei an der Stad, Veianen ass genannt ginn -, wat elo zum Beispill d'NO<sub>x</sub>en ubelaangt. Wéi ass et do? Wat fir eng Mesurë ginn ënnerrholl, fir datt een dat ka reduzéieren?

Dat do sinn och keng nei Elementer, dat wësse mer scho säit enger gewëssener Zäit. Dat heescht jo och, well dat ass jo och virgesinn an der Direktiv, dass een Aktionspläng opstellt. Voilà, dat heescht, awéifern gëtt et hei zu Lëtzebuerg eventuell esou Pläng, déi sollen opgestallt ginn, déi müssen opgestallt ginn? Et ass jo och gewosst, dass eben déi Problematik vun der Loftqualitéit ëmmer mat de Froen vum Klimaschutz ganz enk verbonnen ass, dat heescht eben och mat dem Ausstouss vun CO<sub>2</sub> vun all Verbrennungsmotoren, d'Stolindustrie an esou virun.

En aneren Aspekt, dat ass och deen: Läit - fir et emol esou ze soen - e Plan d'action vir fir déi Plazen, wou hei zu Lëtzebuerg ze héich Valeure sinn, fir dat kënnen konkret an de Grëff ze kréien? Déiselwecht Fro gëllt och fir dat, wat den Ozon ubelaangt. Och do hu mer jo nach gutt an Erënnerung, dass et Jore gouf, wou besonnesch waarm Summeren waren, jee nodeem wéi d'Wiederkonstellatioun ass, dass mer do och wochelaang praktesch mat ze héije Konzentratiounen hei geplot waren.

Do ass jo eng Schwieregkeet ëmmer déi gewiescht, datt, wann een och hei zu Lëtzebuerg eng Mesure hält, dann op der Grenz direkt - bei de Fransosen oder bei de Belschen oder bei deenen Däitschen - do vläicht net déiselwecht Mesurë geholl gi sinn, an datt dann d'Leit och net méi verstanen hunn, wat dat Ganzt sollt.

Dat heescht, kann déi heiten Direktiv elo eventuell och do Méiglechkeete bidden, datt een awer, wann zum Beispill den Ozon ze héich ass, kënn grenziwwerschreidend Mesuren huelen, déi jo dann nëmmen och wierklech effizient sinn? Well, wa mir vu Capellen bis op Diddeleng esou Mesuren ergräifen, dann ass et heiansdo schwéier ze gesinn, wéi effizient dat ass, an och datt d'Verständnis vun der Leit fir esou Mesuren dann net ëmmer immens grouss ass.

Am Text steet dann och nach d'Méiglechkeet, dass ee ka Subventiounen ginn, fir déi eng oder aner Mesure. An och do meng Fro: Wéi ass et hei zu Lëtzebuerg? Ginn déi eng oder aner Mesurë subventionéiert? Wat fir eng Mesurë sinn dat? A wat fir

enger Héicht géifen déi dann ënnerstëtzt ginn?

Dann nach eng lescht Remarque, dat ass déi zum Personal. Ech mengen, et ass gutt, datt mer och hei an der Chamber heiansdo de Courage hunn, fir och esou Verwaltungen, déi mat Ëmwelt ze dinn hunn, datt mer do deene méi Moyenë ginn. Hei gëtt praktesch de Service, wann ech vun den Zuelen hier kucken, verduebelt. An dat kënnen mir u sech ënnerstëtzen.

Ech wëll awer dorun erënneren, dass dat do awer och e bësschen esou, ech géif soen e Fléckwierk ass oder eng Plooschter op en hélzent Been, well mir wëssen, datt op d'Ëmweltverwaltung an de leschte Jore ganz vill nei Aufgaben zoukomm sinn, haapt-sächlech d'Ëmsetze vun europäeschen Direktiven. Hei ass jo och am Fong geholl déiselwecht Problematik.

Mir haten dat bei REACH a bei esou vill aneren Texte, déi mer hei an der Chamber maachen. Dat si gewéinlech ëmmer Texte, wou mer europäesch Direktiven ëmsetzen, wat ëmmer méi Opwand fir d'Verwaltung bedeit. An datt een eigentlech do awer wierklech eng kéier misst déi Décisiounen huelen, dass ee wierklech soll déi Verwaltung vu Grond op reforméieren.

An ech hat, zu menger Zäit hate mer emol dat lues ugestouss, nodeems mer dat fir d'Natur- an d'Forstverwaltung, deemools nach Eaux et Forêts gemaach haten, en Audit, opgrond vun deem mer herno dann och wierklech eng flott Reform konnte maachen. Ass awer net och dru geduecht, dass een dat hei och géif mat der Ëmweltverwaltung maachen? Dat heescht, dass een do géif e seriösen Audit maachen an dann opgrond dovunner géif wierklech eng nei, eng verbessert Struktur schafe vun der Ëmweltverwaltung, fir datt déi och kéint méi effizient all deenen Aufgaben dann och gerecht ginn?

Dat gesot, géif ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu där Direktiv respektiv zu deem Projet de loi ginn. An ech wier awer frou, wann de Minister mer kéint e bësschen Opschloss ginn op déi Froen, déi ech gestallt hunn.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Eugène Berger. Als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur Marcel Oberweis Merci fir säin ausféierleche Rapport. Hien huet eis en Iwwerbléck ginn iwwert de leschte Stand vun de respektiven EU-Direktiven am Beräich vun der Luftverschmutzung an och iwwert d'Ëmsetzung hei zu Lëtzebuerg.

D'EU-Direktiven iwwert d'Luftverschmutzung enthalen meeschtens extrem vill technesch Detailler. Mir sollten awer dobäi net aus den Ae verléieren, ëm wat et iwwerhaupt geet, an zwar ëm de Schutz vun eiser Gesondheet. Et ass wichteg, dass d'EU-Kommission an dësem Beräich federführend ass, well vill wichteg Aktiounen nëmme Sënn maachen, wa se iwwerall an der EU d'selwecht applizéiert ginn.

Ech denken un d'Aart a Weis, wéi mer d'Luftverschmutzung moossen, un d'Oplage fir d'Industrie, awer och un d'Ofgasnorme fir d'Autoen, déi all gläich mussen sinn. An deem Kader muss all Memberstat seng Hausaufgabe maachen. Wa mer dëst Gesetz haut gestëmmt hunn, mussen mer awer och duerno direkt mat deem néidegen Drock virufueren, dës Messuren an d'Realitéit ëmzesetzen, déi eis eisen Ziler méi no bréngen.

Zu Lëtzebuerg läit e groussen Deel vum Potenzial, fir d'Luftverschmutzung ze reduzéieren, wéi mer all wëssen, am Transportberäich. Mir mussen Léisunge fanne fir besonnesch staark belaaschte Plazen am Land, notament an der Stad Lëtzebuerg - mir hunn elo héieren, hei läit den NO<sub>2</sub>-Wäert, den „dioxyde d'azote“, iwwer 40 Mikrogramm pro Meter Kibb Grenzwäert, also permanent säit Joren, an dat ass schoonn en héije Wäert -, mir müssen awer och allgemeng am ganze Land d'Emissiounen vum Verkéier reduzéieren.

Well mer e relativ moderne Fuerpark vun Autoen hunn, bréngt et hei wahrschein-

lech wéineg, Vignetten anzeféieren, wéi et a verschiddenen däitsche Stied de Fall ass. Mir kënnen weiderhin Ureizer schafen, fir d'Leit ze motivéieren, méi kleng a spuer-sam Autoen ze kafen. Déi eenzeg Léisung, déi laangfristeg wierklech eng Erlicherung ka bréngen, ass allerdéngs nëmmen d'Verbesserung vun deem sougenannten „modal split“. Mir mussen méi ee groussen Deel vum Verkéier op den öffentliche Transport eriwuerkreien.

De Persounentransport, mä virun allem de Gidderverkéier muss esou wäit wéi méiglech iwwert d'Schinn goen. Dat setzt viraus, dass mer eist Schinnennetz ausbauen an déi néideg Capacitéiten dofir schafen.

Laut dem neie Wäissbuch vun der EU iwwert den Transport solle bis 2050 déi verkéiersbedéngt Emissiounen ëm 60% reduzéiert ginn. Ënner anerem sollen 30% vum Gidderverkéier op Strecken iwwer 300 km Distanz iwwert d'Schinn oder mam Schëff gefouert ginn. Fir dës Zil ze erreechen, muss also d'Schinnennetz an Europa däitlech ausgebaut ginn. D'EU-Kommission wëll dës Secteur fir privat Investisseuren esou attraktiv wéi méiglech maachen, well d'Effortë vun de Memberstaten eleng hir hei net duerginn.

Den Drock, fir de Schinnennetz an den Ausbau vun der Infrastruktur komplett ze liberaliséieren, wiisst deemno. An do mussen mer hei zu Lëtzebuerg besonnesch wachsam bleiwen. D'LSAP ass duerfir der Meinung, dass de Stat soll d'Hauptverantwortung an dësem Beräich iwwerhuelen, an dass et elo un der Zäit ass, der EU-Kommission ze weisen, dass eng volontaristescht Politik méi erreeche kann, wéi profitorientéiert Entrepreneuren an Aktionären, déi just un hiren Dividenden interesséiert sinn.

Här President, d'Schinnennetz auszubauen ass deier. Mir wëssen dat. Mä et schafft een domat och e Géigewäert. E performant Schinnennetz ass eng wichteg Basisinfrastruktur, déi eis an Zukunft net nëmme kann hëllefen, manner Dreck an d'Loft ze blosen a Spidolskäschten ze spueren, mä déi eis et och erméiglecht, laangfristeg kompetitiv ze bleiwen!

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Roger Negri. Als nächsten a gläichzäiteg leschte Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Camille Gira (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt och ganz am Ufank den Accord vun eiser Fraktioun bréngen, obwuel mer ganz e bësse Bedenken hunn an obwuel ee ganz e bësse kéint driwwer diskutéieren, ob dat esou glécklech ass, dass an där Direktiv de Memberstaten awer nach erëm relativ vill Flexibilitéit gelooss ass, wat d'Grenzwäerter ubelaangt. Mä et muss een awer insgesamt frou sinn, dass mer am Ëmweltberäich iwwerhaupt déi Europäesch Kommission hunn, dass mer en Europäescht Parlament hunn, wat meeschtens am Ëmweltberäich vill méi progressiv ass wéi déi eenzel Membersregierungen.

Wann een insgesamt de Bilan mécht iwwert d'Luftverschmutzung, mengen ech, gëtt et eng wäiss Säit an eng schwaarz. Iwwerall do, wou mer mat relativ zentraliséierten technesch Léisunge konnten un de Problem eruegen, si mer weiderkomm. Ech erënneren un dat berühmte Bëschstierwen, wat emol an de 70er, 80er Joren ugekënnegt gi war.

Wann dat net definitiv esou grave ginn ass, wéi eenzel Leit gemengt hunn, ass dat net, well do Leit sech géiert hätten, mä well op Drock vun deene Bewegungen, déi deemools dat thematiséiert hunn, besonnesch am Schiefel extrem vill geschitt ass. Et si Filteren op d'Kuelekraaftwierker gesat ginn an esou weider an esou fort.

An all kéieren, wa mer esou Léisunge kënnen präconiséieren, wou wéineg Acteure concernéiert sinn a wou mer relativ séier eng technesch Léisung hunn, da komme mer och weider. An dat ass geschitt, a





glécklecherweis! Och wann d'Bëschstierwen net definitiv keen Thema méi ass, esou si mer do e gutt Stéck weiderkomm.

Iwwerall do, wou mer awer vun alle Bierger a Biergerinnen a vu ganz ville klengen ekonomeschen Acteure Léisunge brauchen, do komme mer net esou richtig virun. All Kéiers, wann et ëm Verhaltensännerunge geet, da bleiwe mer stiehen.

A wann een dann der Saach op d'Spur geet, europawäit, mä och besonnesch zu Lëtzebuerg, dann ass een ëmmer erëm ganz séier beim Verkéier. Esou ass et kee Wonner, dass, wann een dat analyséiert, wat de Rapporteur gesot huet - deem ech hei wéilt Merci soe fir säi schréfftlechen a mëndleche Rapport -, da sinn déi zwee Problemer, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, nämlech d'Stickoxiden an den Ozon, zu engem groussen Deel, wann och net exklusiv, op de Verkéier zrëckzeféieren.

All déi Leit, déi jorelaang dozou bäigedroen hunn, dass den Tram nach ëmmer net fiert, misste sech awer da mat der eegener Nues huelen, wa mer elo feststellen, dass mer an der Mëtt vun der Stad Lëtzebuerg e ganz gravë Problem vu Stickoxiden hunn, deem net nëmmen - an dat ass jo e bëssen dat Perverst bei der ganzer Diskussioun - op den Individualverkéier zrëckzeféieren ass, mä och op déi grouss Unzuel vun Iwwerlandbussen a städtesche Bussen, déi do musse fueren. Dat ass eigentlech do, wou d'Kaz sech an de Schwanz bäisst.

An all déi Leit, déi emol an der Zäit d'Bussen uneneegestréckt hunn, musse sech dann awer och froen, ob dat esou eng gutt Iddi war, an ob net, wa se dat net gemaach hätten, vläicht haut scho géif en elektreschen Tram duerch d'Stad fueren. Dann hätte mer deem dote Problem net geléist. Ech sinn awer frou...

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Dat do ass awer e bëssen einfach, well déi technesch Problemer sinn nach ëmmer net geléist.

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Firwat? Well d'Madame Polfer...

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- ...soss géife mer op deem Punkt awer virummaachen domadder.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Madame Brasseur, déi gréng sinn elo sechs Joer geschwënn am Schäfferot an der Stad, an duerfir leeft den Tram jo elo schonn.

(*Hilarité*)

► **M. le Président.**- Den Här Gira huet elo d'Wuert.

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Den Här Gibéryen hätt e gär ënnerierdesch.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Ech hunn e rouegt Gewëssen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- E leeft nach ëmmer am Tirang.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Ech och!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Si kréien ee vum Kleesche geschenkt.

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Dass nëmme keen e gesäit an och keen en hält!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Voilà, lauschtert emol een op den Här Fayot!

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Ech si berouegt ze gesinn, dass anscheinend den Tram nach ëmmer net esou ganz kloer an dréchenen Dicher ass. Mä wann een d'Wuert nëmmen opwerft, dass dann d'Emotionen héich ginn. Mä, Madame Brasseur, Dir kënnt awer net verleegehen, dass esou Aktiounen sécherlech net derzou bäigedroen hunn, dass den Tram haut géif fueren. Dat huet Der mer awer elo net hei aus...

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- D'technesch Problemer sinn net geléist.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Neen. Bon, ech mengen, mat... ech weess dann net, wéissou et méiglech ass, dass zu Stroossbuerg eng sozialistesche Kandidatin mam Projet vum Tram déi éischt Wahle wënnst a fënnef Joer drop erëmgewielt

gëtt, well den Tram da fiert. Ech mengen net, dass dat nëmmen technesch Problemer waren, déi zu Lëtzebuerg derzou gefouert hunn, dass en a fënnef Joer net gefuer ass, mä dass et och einfach ganz kloer ass, well eng Rei Leit net mat Zäit erkannt haten, dass dat d'Léisung wier fir d'Stad Lëtzebuerg. Da géif ganz villes...

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- An zu Stroossbuerg huet d'Madame Trautmann den Tram an enger Mandatur fäerdeg gemaach.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Ech hunn dat jo elo just gesot. Ech hunn dat elo just gesot, Här Fayot, wann Der mer gutt nogelauschert hutt. Ech mengen net, dass déi franséisch Ingenieuren esou vill méi kompetent si wéi déi Lëtzeburger. Ech mengen, et waren éischter Steng a Knéppelen, déi vu lénks a riets schonn an d'Schinne gehäit gi sinn, ier se iwwerhaupt emol gebaut waren. An ech mengen, dat war éischter d'Ursaach.

Ech kann lech awer berouegen, Här Gibéryen, zënter dass déi gréng an der Stad am Schäfferot sinn, kann een zumindest soen, dass vun do keng Opposition méi kënnt géint den Tram. An ech kann lech och soen, dass, ënnert der Leedung vun de Leit aus dem Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg alleguerten, en Aktionsplang zesumme mam Ëmweltministère amgaang ass ze Entstoen, fir dass zumindest an der Stad Lëtzebuerg dee Problem, dee vun de Bussen hierkënnt, an do wou d'Stad Lëtzebuerg responsabel ass, dass do dann awer och Léisunge fonnt ginn. An dass déi Norme fir déi städtesch Bussen, déi kaaft ginn, sécherlech optimal sinn an dat Beschte gemaach gëtt, fir dass dat soll geschéien.

Mä wann awer an der Stad Lëtzebuerg weiderhin esou vill Aarbechtsplaze geschaf ginn an esou weider, wäerten och déi propperst Bussen an déi längste Bussen, och wa se uneneegestréckt sinn, net derfir suergen, dass mer laanscht den Tram kommen. An duerfir waarde mer mat Schmäerzen drop, dass en eng Kéier fiert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dir hat elo sechs Joer laang Zäit.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Ech mengen net, Här Gibéryen, dass mer do déi ganz Problemer vun de Stickoxide geléist hunn. Mir mussen och iwwer Land derfir suergen, dass déi Bussen, déi dann do fueren - well mir kënnen net iwwerall Schinne leeën -, dass déi weiderkommen. Wann een op engem normale Verkéiersdag, fir mam Bus vu Biekerech an d'Stad ze kommen, 70 Minutte brauch, dann därfer weder op der Areler Autobunn nach op der Areler Strooss iergend och nëmmen de geréngsten Accident ze sinn, da muss ee scho bal Idealist sinn, fir mam öffentlichen Transport ze fueren.

Nach gëtt et net genuch Busspuren, nach gi Busspuren ëmmer nëmmen do gebaut, wou se dem Auto näischt ewechhuelen. Och do en Appel net un den delegierten Nohaltekeetsminister, un de richtegen Nohaltekeetsminister, deem, dee responsabel ass fir den Transport: Ech kann net erkennen, dass eng kloer Politik do ass, fir dem Bus iwwer Land Virfahrt ze ginn.

Dat kascht keng Suen. Dat kascht e bësse wäiss Faarf an e bësse politesche Courage, fir déi eng oder aner Spur ewechzehuelen. An do ass nach villes ze maachen. Soss kréie mer dat doten net an de Grëff.

Lokal wäert sécherlech d'Elektromobilitéit e gewëssenen Deel zur Léisung bäidroen. Sous condition awer dann, dass mer eis och do et net ze einfach maachen an déi Emissionen, déi mer an de Stied, an den Dierfer spueren, iergendwou an e Kuelekraaftwierk an Däitschland oder an Tschechien oder a Slowenien verlagere.

Ech mengen, Dir hutt matkritt, dass mer an där Gemeng, wou ech dann och ganz e bëssen eppes kann derzou bäidroen, dass do eppes geschitt, viru kuerzem e Réseau vun elektresche Bornen agefouert hunn. Mä natierlech nëmme sous condition, dass de Stroum gréng Stroum ass. An esou kann een och Zeeche setzen.

Wann ee feststellt, dass beim Behuele mer net weiderkommen, muss ee sech awer och froen, firwat. An ech gehéieren net zu deenen, déi, wéi den Här Krecké, mam Fanger dann op d'Leit weisen, mä pro-

béieren, d'Konditionen esou ze änneren, dass d'Leit och kënnen reagéieren.

Wann ee keng Reklamm mécht, dass d'Leit iwwerhaupt gewuer ginn, dass se de Fournisseur vum Stroum kënnen wiesselen, da brauch een net sech ze wonneren, wann näischt geschitt. An dann därfer een net herno mat dem Fanger op d'Leit weisen a soen: „Et sinn der nëmme 4.000, déi gewieselt hunn.“

Stellt lech vir, den Här Krecké hätt gesot: „Mä elo maache mer d'TVA um normale Stroum op 15% a mir maachen deem um gréng Stroum op 6%.“ Dat wier politesche Courage gewiescht. Dat wier d'Roll vun engem Wirtschaftsminister, derfir ze suergen. An dann hätte mer scho viru Fukushima vläicht ganz weineg Atomstroum an anere Stroum nach zu Lëtzebuerg kaaft.

Ech wëll lech drun erënneren, an do si mer dann erëm am Kontext Loftverschmutzung, wéi séier - wéi séier! - dass d'Lëtzeburger Autosfuerer an Autosfuereinnen op bläifräie Bensin ëmgeschalt hunn.

Kënnt Der lech nach erënneren, wat d'Bensinsfirmaen deemools eng opgefouert a gesot hunn: „Dat packe mer net, mir brauche jorelaang, fir sämtlech Bensinsstationen op bläifräie Bensin ëmschalten!“ Du war deemools een e bësse méi couragéierte Wirtschaftsminister wéi haut - ech weess net méi, wien et war, mä et war op jidde Fall net den Här Krecké -, deem huet vun engem Dag op deem anere gesot: „Sou, elo maache mer d'TVA vum bläifräie Bensin méi niddreg an déi op deem anere méi héich.“ An dunn ass de bläifräie Bensin méi bëlle ginn. A kuck do, a sechs Méint hate sämtlech Bensinsfirmaen et fäerdeg bruecht, hiert Netz ëmschalten! A kuck do, ganz rapid ass de bläihaltege Bensin zrëckgaangen!

Stellt lech vir, mir maachen dat do mam gréng Stroum muer; da geet dat grad esou schnell an dann hu mer méi gemaach, wéi wa mer déi schéinste Resolution iwwer Cattenom an aner Saache soen. An engem Wuert wéi an allen: Duerfir, mengen ech, ass an deem ganze Bësch do nach ganz vill ze maachen.

Ech wëll awer och weisen, dass, wéi esou oft an där ganzer Ëmweltproblematik, an där ganzer Energieproblematik, wann een e Paradigmewissel mécht, een net nëmmen ee Bonus huet, mä ganz oft eng Win-win-Situatioun huet. Wa mer muer aus de fossilen Energieträger erausklammen, wa mer méi konsequent op Wand, Sonn a Biomass setzen, da kréie mer net nëmmen de Klimaproblem an de Grëff, da kréie mer net nëmmen d'CO<sub>2</sub>-Problematik an de Grëff, mä da kréie mer och nach eng besser Loft.

An da mussen net déi Veianer drënner leiden, dass an der Stad Lëtzebuerg ze vill Ozon an Ozonvireefer emettéiert ginn. Well dat ass jo och eppes, wat mer bei dëser Diskussioun virgefouert kréien: Bei der Ëmweltproblematik gëtt et keng Grenzen tëschent Lëtzebuerg an den Nopeschlänner an et gëtt och keng Grenzen tëschent der Stad Lëtzebuerg. An et ass jo e bësse geckeg, dass grad um Niklosbiereg zu Vianden herno am meeschten Ozon entsteet, net, well do am meeschten Autoe fueren, mä well einfach do d'Loft am rengsten ass an duerfir entsteet dee meeschten Ozon. - Fir ze weisen, dass mer alleguerten an engem Boot setzen.

Ech kann nëmmen en Appel maachen, dass mer endlech dee Paradigmewissel an der Transportpolitik zu Lëtzebuerg fanen. Well soss fäerten ech, wäerte mer Schwiereregkeeten hunn, déi Normen, déi eis duerch dëst Gesetz gesat ginn, an deenen nächste Joren ze erfüllen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Camille Gira. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun. An d'Regierung kritt elo d'Wuert: den delegierten Nohaltekeetsminister Marco Schank.

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Här President, fir d'Éischt wollt ech e Merci adresséieren un de Rapporteur, deem, wéi mer gewinnt sinn, dat exzellent gemaach huet. Ech wollt och der Kommission Merci soe mat hirem President, dass

probéiert ginn ass, och séier ze schaffen, well mer hei awer - et ass gesot ginn - spéit dru sinn, well mer schonn en Avis motivé complémentaire hunn, sou datt ech frou sinn, datt mer dee Projet haut um Ordre du jour hunn.

Dat Wesentlecht ass gesot. Firwat déi Direktiv, déi mer hei ëmsetzen? Mir brauchen de Projet de loi, mir brauchen e Règlement, e Règlement grand-ducal. Zum Règlement grand-ducal wëll ech soen, datt en nach an der Prozedur ass. Mä den Avis complémentaire och vun deem ass do. Dee wäert dann nach an de Projet ageschafft ginn. An dann denken ech, datt mer d'Gesetz an de Règlement grand-ducal zesumme wäerte kënnen publizéieren.

E Wuert zum Inhalt kann ech mer och eigentlech scho bal spueren. Et ass daitlech gemaach ginn, datt mer an deem Fall hei engersäits eng Kaderdirektiv, awer och dräi Duechterdirektiven ëmsetze plus eng Décisioun an aus deem Ganzen eng eenzeg Direktiv maachen, mengen ech, wat e wichtige Punkt ass.

An da féiert awer och d'Direktiv nei Normen an. Dorop ass och schonn higewise ginn. Déi nei Feinstaubartikel - de PM<sub>2,5</sub> -, do ginn dann nei Limiten agefouert. Dat ass dat eent, wat d'Konzentratioun an der Loft ubelaangt. D'Direktiv schreift awer och zaitlech Délaie vir, datt ass gesot ginn, ab deenen déi Grenzwäerter mussen agehale ginn. Et si Reduktiounsziler, déi festgeschriwwen ginn. An et ass och drop higewise ginn, datt laut Direktiv e Grenzwäert vu 25 µg Particulé pro mètre cube spëtstens ab 2015 muss agehale ginn. Ech soen dat, well ech herno nach eng Kéier kuerz drop zrëckkommen.

Ech ginn net an, datt och eng gewësse Flexibilitéit mat dëser Direktiv verbonnen ass respektiv Derogatiounen méiglech sinn. Dat huet den honorabele Rapporteur gemaach.

Dann nach vläicht ee Saz, datt de Gesetzesprojet och d'Gesetz fir d'Lutte géint d'Politioun ëmsetzt, d'Gesetz vun '79, wat ofgeännert gëtt, nei Definitiounen, déi mat der Direktiv ëmgestat ginn, iwwerholl ginn, an awer och de Wee, wéini datt ee Règlement grand-ducal därfer bestëmmen, wéi ee Wee ee geet, fir zum Beispill Grenzwäerter festzeleeën, fir Zilwäerter, Informationswäerter an esou weider, wat dann am neie Gesetz festgeschriwwen gëtt respektiv am Règlement grand-ducal.

Da wollt ech drop hiweisen, datt och am Artikel 2 vum Projet de loi - dat ass nämlech net onwesentlech - d'Konditionen an d'Modalitéite vun engem Plan d'action - ech soen herno och nach eppes dozou ganz konkret -, fir d'Loftqualitéit ze verbessern, festgesat ginn. Och hei mussen déi eenzel Mesurë vun deem Plan d'action dann an engem Règlement grand-ducal definitiv festgehale ginn.

Et ass erwähnt ginn: Op d'Ëmweltverwaltungen wäerten eng ganz Rei nei Aarbechten, nei Aufgaben zoukommen. De Suivi muss gemaach ginn. Déi nei Aufgabe si virun allem, datt musse Modeller opgestallt ginn, fir an Zukunft ze wëssen: Wéi wäit kann ee goen, wann nei Entreprises an d'Land, an déi verschidde Regione kommen? Et mussen Aktionspläng ausgeschafft ginn.

D'Bevölkerung dobaussen - an dat ass fir mech e ganz wesentleche Punkt -, d'Leit musse kënnen informéiert ginn, och am Virus informéiert ginn, a mir hunn dat d'lescht Joer jo och scho praktizéiert. Dir wësst, datt een 48 Stonnen am Virus zum Beispill bei der Belaaschtung mat Ozon weess - d'Météo, déi kennt ee jo -, sou datt een am Virus ka soen, wéi d'Ozonwäerter beispillsweis sech entweckelen.

Fir déi Aarbecht ze maache vun der Verwaltung, ginn och nei Leit gebraucht. Och dat brauch ech net extra ze ernimmen. Dat ass zwar wesentlech, mä et ass och scho gesot ginn.

Dann d'Situatioun zu Lëtzebuerg. Do kann ech mech och relativ kuerzfaassen, well mer am Virfeld, nämlech geschter, dann och déi verschidden Diagramme verschéckt hunn, fir op d'Stickoxiden, d'NO<sub>x</sub>, d'NO<sub>2</sub>en hinweisen, fir op de Problem vun de PM<sub>10</sub> hinweisen zu Lëtzebuerg an och op den Ozon. De Rapporteur





huet dat am Ufank gemaach, fir drop hinzeweisen, wou d'Problemer ganz spezi-fesch zu Lëtzebuerg sinn.

Ech wëll awer do ee Moment bei de Stéckstoffdioxiden, bei den NO<sub>2</sub>e bleiwen, well mer jo do - et ass ugedeit ginn - en Aktiounsplang ausgeschafft hunn. Den Aktiounsplang ass elo fäerdeg. Deen ass fäerdeg. An no Approbatioun heiheem wäert deen och op Bréissel goen. Do hu mer ënner anerem och mat der Stad Lëtzebuerg eis kuerzgeschloss.

Et ass also dann och wesentlech, och hei gouf eng Modellisatioun gemaach, fir déi meeschte belasschend Punkten ze identifizéieren. An et ass, mengen ech, gesot ginn, datt et d'Achs Gare/Aldringer a selbstverständlech d'Place Dargent sinn, wou - bei deem éischten - 58% vun den Emissiounen vun de Bussen an 43% vun de Camionen kommen.

Elo ass jo och virdrun undeitungsweis gesot ginn: Wat kann een do maachen, fir deem ze begéinen? Dat ass ganz sécher net eng Léisung, mä et gëtt e ganzt Konzept. Et gëtt méi Mosaiksteng als Léisung, fir deem ze begéinen.

Ech fänke vläicht bei der Stad Lëtzebuerg un, wou ech mer soe gelooss hunn, datt an dräi Joer 80 Bussen ugeschaf wäerte ginn, a wann déi Bussen ugeschaf sinn, kee Bus méi al ass wéi fënnef Joer. Do ginn also Efforté gemaach.

Dann denken ech awer och, datt den Tram erwähnt ginn ass. Dann d'Konzept vun de Gares périphériques. Alles dat gëtt ee Ganz. Dann denken ech och un d'Elektromobilitéit, déi erwähnt ginn ass, och well mer do eng lokal Emissiounsfreiheet hunn. Déi ass kloer, obwuel een dovunner ausgeet och, datt d'Elektroautoe solle mat gréngem Stroum fueren. Dann denken ech un de Carsharing.

Et sinn eng ganz Rei Mosaiksteng, déi mussen zesummekommen, fir wirksam an deem Fall vun den NO<sub>2</sub>en an der Stad aktiv ze ginn. Da kënnt dee ganzen öffentlichen Transport insgesamt, deen dann do och eng Roll wäert spillen.

Ee Saz nach dann och zum Ozon. Do ass et esou, datt virun allem de ländleche Raum natierlech leit. Et ass net Veianen spezifesch, well do steet eng Miessstation, mä et ass de ländleche Raum insgesamt, deen natierlech besonnesch de Summer ënnert dem Summersmog leit. An eben, wéi et och virdu gutt résuméiert gouf, deen Export vun där Belaaschtung, déi net viru Grenze stallhält. An dat ass eng Erausforderung, mengen ech, fir eis allegueren.

Ech wollt awer och nach op déi puer Froen äntwerten. Ënner anerem ass gefrot gi vum Eugène Berger no deene Mesuren. Ech mengen, där hunn ech der elo eng ganz Partie genannt. Et kann een awer och nach doriwwer eraus goen, datt een och d'Primé fir d'Autoe seet. Den öffentlichen Transport hunn ech genannt. Mir wäerten och eng nei Reglementéierung kréie fir Mazout- an Holzheizungen. D'Ëmweltverwaltung ass amgaangen, dorunner ze schaffen.

Well och d'Holzheizung maache Misär. Mir si frou, wann d'Leit mat Holz hëtzen, well dat eng CO<sub>2</sub>-neutral Energie ass. An awer muss ee wëssen, datt, wann dat a klengen Anlage geschitt, wann dat och nach souguer vläicht a Chaudières ouni Lambda-Sonde a souguer mat Lambda-Sonde ass, wann déi net ënner Volllaascht lafen, ass dat net evident. An duerfir muss een och do kucken, fir eng Reglementéierung ze kréien, déi d'Strooss hält, ouni awer natierlech op där anerer Säit déi positiv Approche vun dem Holz als CO<sub>2</sub>-neutral Energie ze hypothéquieren.

Da wollt ech och soen, datt mer eng nei Wärmeschutzverordnung wäerte kréien. Et si jo eng ganz Partie Mesuren. Ech denken, datt de Premier muer am État de la nation eng Rei Saache wäert soen. Spéitstens och wann de Logementsminister sai Paquet «Logement» virstellt, do sinn eng ganz Partie Mesuren dran, fir net nëmmen a puncto Albusanéeierung, mä insgesamt, fir bei individuellen Aiden, bei kollektiven Aiden ëmmer och déi ekologesch Approche,...

**(Interruption)**

...mat méi Energieeffizienz, mat erneierbaren Energien...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marco Schank**, *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.*- Mä et ass net eleng d'Wonnermëttel, wollt ech soen. Mä et ass awer ganz wesentlech.

**(Interruptions)**

Dat ginn ech gären zou.

**(Interruptions)**

Jo, et ass jo net, wéi wann näischt geschitt wär virdrun. Dat wollt ech awer och nach eng kéier hei däitlech maachen.

**(Interruption)**

Erlaabt mer, nach e leschte Saz ze soen zu de Feinstaubpartikelen, de PM<sub>2,5</sub> - well dat och eng vun de Froe war -, datt beispillsweis zënter 2001 zu Esch déi Partikelen elo scho gemooss ginn. Op de Statioun Bouneweg, Biekerech zënter 2009 an 2010. Och do eng kéier: Déi lescht Wäerter vun de Statioun Biekerech a Bouneweg, do louche mer bei 16 bis 19 µg pro Kubikmeter. Déi leien also à première vue ënnert deem, wat 2015 verlaangt gëtt, notament 25 µg pro Kubikmeter. Zu Esch sinn d'Wäerter eppes méi héich, do leie se zwëschent 18 a 25, déi an deene leschte Momenter gemooss gi sinn.

An dann nach eng Fro, déi ech wollt beäntwerten, och vum Eugène Berger iwwert d'Reform vun der Ëmweltverwaltung. Do ass et esou, datt mer dat jo an der Regierungserklärung festgeschriwwen hunn. An deen éischten Entworf läit um Dësch. Sou datt, soubal wéi mer elo d'Déchetsgesetz op de Wee ginn hunn, mer och déi Reform vun der Verwaltung an Ugrëff wäerten huelen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här delegierten Nohaltegkeetsminister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

An als zweete Projet fir haut de Mëtteg ass dese Projet mat der Unanimitéit vun alle Stëmmen ugeholl, dat heescht, mat 47 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6211 est adopté à l'unanimité des 57 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Raymond Weydert), Ali Kaes, Marc Lies (par M. Lucien Clement), Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers (par Mme Marie-Josée Frank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel), Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen (par M. André Bauler), Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par Mme Anne Brasseur) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), François Bausch (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Henri Kox;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Projet de loi fir haut de Mëtteg, de Projet de loi 6224, eng Direktiv...

► **Plusieurs voix.**- Zweetleschten!

**(Interruptions et hilarité)**

► **M. le Président.**- Zweetleschten. Et gëtt kee vergiess, Madame Dall'Agnol.

**(Interruption)**

Eng Direktiv iwwert d'organesch Verschmotzer. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. An et huet sech bis elo ageschriwwen just den Här Berger. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

## 11. 6224 - Projet de loi portant certaines modalités d'application et sanction du règlement (CE) n°850/2004 du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 concernant les polluants organiques persistants et modifiant la directive 79/117/CEE

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, dës kéier gëtt et méi e klengen, méi e kuerze Rapport.

► **Une voix.**- Très bien!

**(Brouhaha)**

► **Une autre voix.**- Oh!

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur.*- Well viles scho gesot ginn ass iwwert dat Thema haut de Mëtteg, iwwer e weidere Projet de loi, dee sech mat dem Ëmweltschutz, awer doriwwer eraus mat der Gesondheet vun de Mënsche beschäftigt. Et gëtt dës kéier ëm de Feinstëbs oder sougenannte Polluants organiques persistants. Ech kierzen et einfach elo ëmmer erëm als POPen of.

Kuerz den Historique vun deem Projet de loi, fir drop hinzeweisen, och hei huet den delegierten Nohaltegkeetsminister de Projet de 26. November d'lescht Joer hei an der Chamber déposiert. An et goufen direkt d'Avisé vun de Beruffschambere gefrot. Déi hunn dat och eragereecht gehat: d'Salariéen, de Commerce an och d'Agriculture. De Statsrot hat den éischten Avis erageschéckt den 1. Februar dëst Joer, an do hu mer déi Saachen an der Kommission diskutiert.

Et ass en Amendement lanciert ginn den 2. März. Den 22. März huet dann dëst Joer de Statsrot den Avis eraginn. E war d'accord. A mir konnten dat den 30. März alles ukucken. A well de Statsrot och keng weider Oppositione méi hat, hu mer an darselwechter Sitzung de Rapport souguer scho virgestallt, an en ass ugeholl ginn. Souguer eestëmmeg.

Well an deem Projet de loi nëmmen eng Rei vu Verbesserungen am Zesummenhang mat der Produktioun an dem reduzierte Verbrauch vun de POPe virgesinn ass, kann ech mech hei kuerzfaassen an op de schréftleche Rapport hiweisen.

De Projet de loi selwer setzt d'Ausféiere vum Reglement 850 aus dem Joer 2004 - dat ass also scho siwe Joer hier, dat ass den 29. Abrëll an deem Joer geschitt - iwwert d'POPen an d'Modifikatioun vun enger Direktiv aus dem Joer '79 an de Mëttelpunkt.

Mä wat sinn iwwerhaupt dann déi POPen? Et handelt sech heibäi ëm chemesch Substanzen, déi bestänneg an der Ëmwelt bleiwen a sech a liewegen Organismen usammelen an et do zum Onwiese komme loosse. Sou riskéiere si der mënschlecher Gesondheet an der Ëmwelt - mir soen der Biodiversitéit - béis ze schueden.

Ënner anerem sinn dat den DDT, deen als Pestizid gebraucht ginn ass, an Dioxinen a Furanen, déi zum Beispill bei enger schlechter Verbrennung vun dem Hausof-fall entstoe kënnen.

Dierf ech drop hiweisen, mir hunn zwar keen DDT méi zougelooss, mä wann een Etüde liest, da stellt ee fest, dass an den europäesche Stufen iwwerall DDT erëm opkënnt. Wéisou kënnt dat hier? Ma well

ganz einfach mir Blumen importéieren aus Länner wéi Kolumbien, Guatemala, an do gëtt quasiment iwwert de Käpp vun de Leit DDT versprézt. Dat brénge mir an d'Land eran a mir hunn doheem den DDT erëm eng kéier an de Stufen. Mir verbidden en zwar, mä anererwärts gëtt en ugewannt. Also, och do musse mer probéieren, aus Europa eraus op d'Welt eraus ze kucken.

D'Dioxinen a Furanen kënnen virkommen...

► **M. Jean Huss** (*déi gréng*).- Et kënnt nach en anere Problem derbäi: importéiert Teppecher. Déi kënnen och nach mat DDT tréiert sinn.

**(Interruptions et hilarité)**

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Fänkt emol heibannen un!

► **Une voix.**- Fänkt emol heibannen un!

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur.*- Also, hei dierf een näischt lancéieren, da kënnt eng Ribambelle vun Informatiounen direkt.

► **M. Jean Huss** (*déi gréng*).- Et ass eng grouss Participatioun.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Provoziert den Här Huss net!

► **M. Jean Huss** (*déi gréng*).- Sidd dach frou iwwert déi grouss Participatioun.

**(Brouhaha général)**

► **M. le Président.**- Sou, elo lauschtere mer dem Här Marcel Oberweis no.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Kommt, mir kéiere fir d'Éischt virun eiser Dier.

► **Une voix.**- Provoziert net den Här Huss, dat kann lech nach eng kéier leed doen!

**(Hilarité)**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur.*- Komme mer dann zum Thema zréck.

Als schlëmm erweist sech d'Tatsaach, dass dës POPen duerch Luftbeweugunge wäit vun hire Quellen transportéiert ginn an iwwer wäit Fläche fortgeféiert kënnen ginn. Dobäi - well se keng Grenze kennen - kënnen POPen a Regiounen fonnt ginn, wou se weder produzéiert ginn nach gebraucht kënnen ginn. Dat heescht, mir kënnen Mënsche belasschten, déi ni an hirem Liewe mat POPen eppes um Hutt haben, an aus dësem Grond stelle si eng grouss Gefor fir de Mënsch a seng Ëmwelt duer.

Déi international Communautéit huet scho méi wéi een Appel lanciert, fir dass déi néideg Mesurë geholl ginn, fir engersäits d'Produktioun an anerersäits de Gebrauch vun de POPen an déi doraus resultéierend Offäll a Geforen anzeschränke respektiv souguer ganz ze stoppen. Ech rappeliieren hei just nëmmen zwee Traitéen, dat ass de Protokoll vun Aarhus an d'Konventioun vu Stockholm.

► **Une voix.**- Vum alen Huss!

**(Hilarité)**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur.*- Do ass ganz kloer...

**(Hilarité)**

Et ass ëmmer schlecht, wann een hei muss referéieren, wann do gestéiert gëtt. Dat ass net gutt.

► **M. le Président.**- Här Oberweis, loosst lech net aus der Rou bréngen!

**(Interruption)**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur.*- A mengem Alter ass dat bal net méi méiglech!

**(Hilarité et interruptions)**

Wann ech elo vu POPe schwätzen, gëtt et ganz aneschtens hei.

Also, ech hunn hei gesot gehat, mir hunn Traitéen, déi dorop hiweisen, dass mer eis sollen dermat beschäftigen, dass mer déi geféierlech chemesch Substanzen aus dem Marché sollen erauskréien. Do wëllt Europa, d'Unioun e Virreider ginn.

Da wëll ech zum Schluss komme vu menger Ried hei. Mat dësem kënnen mir -